Wien dierf wielen?

Jiddereen, dee mindestens 18 Joer al ass an déi **lëtzebuergesch Nationalitéit** huet.

Zu Lëtzebuerg besteet Walflicht a jiddereen deen op der Wallëscht steet, muss wiele goen.

Jidderee mat lëtzebuergescher Nationalitéit steet automatesch op der Wielerlëscht.

Wat gëtt gewielt?

Bei dëse Wale ginn d'Deputéiert fir an d'Chamber gewielt.

Am Ganze gi 60 Deputéiert aus 4 Walbezierker fir eng Dauer vu 5 Joer gewielt.

Zu Lëtzebuerg gëtt et follgend Walbezierker: Norden, Osten, Süden an Zentrum.

Wien dierf Kandidat sinn?

Wie soll ech wielen?

Ongeféier ee Mount virun de Wale ginn d'Programmer publizéiert. Informéier dech iwwer d'Positiounen an d'Walversprieche vun de Kandidaten!

Déi verschidde Parteie fënns du och op jonkwielt.lu !

Wéini wiele mer?

All 5 Joer, op engem Sonndeg. Dëst Joer sinn d'Walen den **08.10.2023** .

Spéitstens an der Woch virun de Wale kriss du eng Walconvocatioun mat all de wichtegen Infoe.

Um Dag vun der Wal muss du dech domat tëschent 8.00 a 14.00 Auer am Walbüro an denger Gemeng (z.B. Schoul, Centre culturel etc.) mellen an deng Carte d'identité matbréngen.

#jonkwielt

JONKWIELT.LU
powered by de Jugendrot

de JUGENDROT